
DÉI ANER KLOOCK

Mat Häerz a Séil fir Mäertert-Waasserbëlleg



DP Mäertert-Waasserbëlleg Newsletter

März 2018

Wat stoung net am Gemeeneblat ?

An iser leschter Kloock hu mer Eech matgedeelt gehat, datt den DP-Conseiller Ady Schanen eng mëndlech Fro gestallt huet zum Bréif vum 6. Juli 2017 vum Schäfferot un de Minister Bausch aus dem MDDI betreffend den Transitverkéier vu méi wéi 7,5 t duerch Waasserbëlleg, dee bis dohinner nach net beäntwert ginn ass. Am Bericht iwwer déi Gemeenerotssëtzung vum 17. November 2017 am Gemeeneblat N° 1 vun 2018 ass kee Wuert doriwwer geschriwwen ginn. Och steet net an deem Bericht firwat DP-Conseillere sech bei der definitiver Geneemegung vun der Ofännerung vum PAG (MOPO) Gare Waasserbëlleg enthalen hunn. Desweidere wollte mer awer och am Bericht iwwer déi Gemeenerotssëtzung liesen, datt op Propose vum Schäfferot, wéinst deene villen Demande fir ausseruerdentlech Subsidie vu Veräiner déi net aus iser Gemeen sinn, nach just eng Ënnerstëtzung vu 50 € accordéiert gëtt. Och vermësst hu mer e Saz datt op Propose vun der DP-Fraktioun hin de Syndicat d'Initiative et du Tourisme vu Mäertert an dee vu Waasserbëlleg jee ee Verrieder als Observateur ouni Stëmmrecht an d'Kommissioun vum Tourismus nenne kann. DP-Fraktioun huet de Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemeenerot Merci gesot datt si dat och positiv gesinn a begréissen et och datt e Verrieder aus dem Jugendhaus als Observateur ouni Stëmmrecht an der Jugend-Kommissioun ass. Mir bedauern awer datt fir d'Jugend-Kommissioun eng Altersgrenz vum 30. Gebuertsdag un agesat ginn ass.

Well all dis Informatiounen der DP-Fraktioun wichteg si fir de Bierger an net am Gemeeneblat ernimmt gi sinn, huet DP Mäertert-Waasserbëlleg decidéiert periodesch « Déi aner Kloock » un d'Bierger aus iser Gemeen ze verdeele fir och Informatiounen un d'Leit ze bréngen déi net am Gemeeneblat gedréckt gi well d'Majoritéit dat net wëllt.

Budget 2018

An der leschter Gemeenerotssëtzung vun 2017, déi de 15. Dezember ofgehalen ginn ass, stoung de Budget fir 2018 als Haaptplaz um Ordre du jour. Hei a kuerze Wieder d'Interventioun vun der DP-Fraktioun dozou fir ze verstoe firwat datt DP-Fraktioun deem Budget net konnt zustëmmen :

- 1) DP-Fraktioun huet festgestallt datt de Budget op enger Awunnerzuel baséiert déi ëm gutt 150 Unitéite méi héich (+3,3%) ass wéi déi aktuell Awunnerzuel vu 4.500. Den Estimatiounen no vum Buergermeeschter wäert is Gemeen no 10, awer spéitstens 15 Joer 1.200 Awunner méi hunn duerch déi aktuell geplangte 600 nei Wunnechten. Wann de Buergermeeschter selwer dervunner ausgeet datt dann 300 zousätzlech Kanner an iser Gemeen wunnen, da bedeit dat datt mer och eng nei Schoul brauchen. Datt déi "*Waasserbëlleger Schoul komplett dicht ass*" (dixit Buergermeeschter) an duerch den Neibau do keng Kapassitéite bäikommen a vu datt d'Kanner déi dann zu Mäertert wunnen och net all zu Mäertert an d'Schoul kënnen goen, wësse mer dann elo schonn éier de Bagger zu Waasserbëlleg rullt, datt mer do eng Schoul bauen déi net ise Bedierfnesser entsprecht wa mer se enges Daags kënnen funktionéiere loosse. Datt elo och nach fir 250.000 € op 4 Joer (50.000 € fir 2018) e Projet-Manager agestallt gëtt fir de Fortgang vum Bau an d'Finanzen ze iwwerwaache bedeit näischt anescht wéi datt de Schäfferot sech net sécher ass datt et mat deenen ageplangten 20,5 Milliounen Euro fir déi nei Waasserbëlleger Schoul wäert duergoen.
- 2) DP-Fraktioun huet sech och d'Fro gestallt wat hannert dem Gespréich vun enger neier Sportshal ass wann elo do nach en neie Comptoir agebaut gëtt fir 120.000 €.
- 3) Grouss Recette gi sech net erwaart duerch d'« Verplanze » vun de Parkauere vum Parking hannert der Kierch an d'Grand-rue. Duerch déi geplangten zousätzlech Uschafung vun 2 Parkauere fir 20.000 € mussen ganz vill Tickete geléist gi fir se z'amortiséieren.
- 4) Am Beräich vum Tourismus huet DP-Fraktioun sech ganz kloer fir d'Erhale vum Bistro-Restaurant am Aquarium ausgeschwat. Och soll d'Geleeënheet genotzt ginn un den Tourismus ze denken am Kader vum Héichwaasserschutz laanscht Musel a Sauer. D'Spatz an d'Fähr Sankta Maria II sollen Aushängeschëlter gi fir eng Neigestaltung vun der Esplanade an och méi attraktiv gëtt fir Touriste vun no a méi wäit.
- 5) Wann d'Gemeen Wunnechte verlount wéi an der Rue des Romains zu Waasserbëlleg oder d'Paschtoueschhaus zu Mäertert, da sollen déi och op engem valabele Kontrakt baséieren, wou dann och e korrekte Loyer bezuelt gëtt. Am Beräich vun de Sozialwunnechten huet d'Demokratesch Partei, déi, net wéi déi zwou aner Parteien am Gemeenerot, dat Wuert « sozial » an hirem Numm dréit, keng eenzeg Zeil dozou am Budget fonnt, esou datt déi vun der sozialistescher Partei gefouerte Gemeen sech nach gewalteng ustreng mussen an deem Beräich.
- 6) Fir datt et mam Bau vun der « Neier Mëtt » virugeet muss den techneschen Déngscht fir eng lwwergangszäit op d'Fausermille plënnere éier se an dat neit Gebai um Terrain vun der fréierer Garage Constantin kann eraplënnere. Et wär wëschenswäert datt déi geplangten Delaien agehale gi fir datt net zousätzlech Onkäschte fir is Gemeen entstinn.
- 7) De Memberen aus der Ëmweltkommissioun déi all Mount um Recycling Center eng Hand mat upaken, huet DP-Fraktioun e besseren Abris gefrot wéi dat Zelt wou se sech elo kënnen drënnerstellen.
- 8) Och en lwwerdaach virun der Morgue op ise Kierfechter géif bei Reen a Schnéi an awer och am Summer de Leit, déi op e Begriefnes ginn, e gewësse Schutz bidden.
- 9) D'Investitiounen an d'Fënstere vum Gemeenenhaus si vun der DP-Fraktioun grad esou begréisst gi wéi den Ausbau vum Späicher zu engem neie Sëtzungssall.

Schäfferotserklärung 2018-2023

De Buergermeeschter huet d'Schäfferotserklärung just mëndlech virgedroen. Well keng schrëftlech Versioun verdeelt ginn ass koum et och net zu Froen derzou. Déi schrëftlech Versioun konnten d'Conseillere eréischt am Gemeeneblat N° 1 vun 2018 noliesen. Well an der Sitzung vum 25. Januar 2018 kee Punkt um Ordre du jour war wou iwwer d'Schäfferotserklärung konnt diskutéiert ginn, mécht DP-Fraktioun dat dann elo hei schrëftlech.

Bauprojeten

Niewent all deene Projeten déi schonn déi viregt Majoritéit virun de Wahlen duerch de Gemeenerot ofstëmme gelooss huet an déi elo schonn zum Deel an Ugrëff geholl gi sinn, konnt déi nei sozialistesche Majoritéit net vill Neies an hirer Schäfferotserklärung matdeelen. Si hunn sech net emol getraut hire Wahlprogramm komplett ze iwwerhuelen. Et wäerte jo net scho Meenungsverschiddenheeten am Schäfferot bestoen iwwer den LSAP-Wahlprogramm oder hunn se awer agesinn datt se de Leit vill ze vill versprach hunn wann ee kuerz virun de Wahlen esou Projete wéi déi nei Schoulen zu Mäertert a Waasserbëlleg, den neien Tennis-Terrain, déi nei Hal fir eisen techneschen Déngscht, asw., mat Käschte vu méi wéi 30 Milliounen Euro duerchgeboxt huet.

Och wann d'Zuele vun den neie Wunnechten déi an den nächsten 10 Joer an iser Gemeen gebaut solle ginn ëmmer erëm variéieren, esou ass awer gewosst datt déi Wunnechten zum ganz groussen Deel an der Sektoun Mäertert entstinn. Wéi eng Erweiterung vun der Schoul zu Mäertert fir d'Zyklen 2 bis 4 soll ausgesi muss nach gekuckt gi well de Schäfferot hei nach keng Léisung huet. Hätte mer net awer besser gehat eng Zentralschoul zu Waasserbëlleg ze plangen amplaz elo eng Schoul ze bauen déi bei hirer Ouverture ze kleng ass ?

Natierlech kann een net alles realiséiere wat een sech virhëlt well et muss een och als Gemeen déi néideg Finanzen hunn fir eppes ze realiséieren. Datt awer de Budget als Ursach muss duerhale fir Realisatiounen am soziale Wunnengsbau, den Ëmbau vum Postgebaai dat d'Gemeen kaaft huet oder d'Schafung vun enger zentraler Duerfplaz zu Mäertert net prioritär ze behandelen, dat kënnt dann dohier, datt een sech op anere Plazen ze vill verausgabt huet. Endlech sollen awer och déi Projete wéi Stroossesanéierungen, Gas-, Waasser- a Kanalleitungen an deene Stroossen an Ugrëff geholl ginn, do wou et staark néideg ass. Kee Wuert verléiert de Schäfferot awer doriwwer wéi den Héichwaasserschutz realiséiert soll ginn.

Parkhaus a Parkingen

Am geplangte CFL-Parkhaus, op dat is Gemeen kee gréisseren Afloss huet an dat an den Ae vun der DP nach vill méi Verkéier wéi scho bis elo an de Kär vu Waasserbëlleg bréngt, wäert an diser Legislaturperiod nach keen een Auto parken, domadder brauch keen ze rechnen. Et wär besser de Schäfferot géif sech staark maache fir en Ausbau vum P+R bei der Autobunn fir datt dee Parking realiséiert ass éier CFL iwwerhaupt drun denkt eppes ze bauen. Iwwerhaupt ass an der ganzer Mobilitéitspolitik vum sozialistesche Schäfferot nëmmen eng wëll Opzielung vu bekannte Problemer eraus ze liesen, Léisungen si keng ze erkennen.

A wéi engem Mooss en Eastcoast-Festival en Highlight fir d'Regioun ass, dat kënne mir nach net esou erkennen an och net datt dat eng Selbstverständlechkeet soll si fir virugefouert ze ginn. D'Plaz wou dat ofgehale gëtt ass jiddefalls net déi ideal an e (mobilen) Recycling Center misst

och op enger anerer Plaz kënnen ofgehalen gi wéi um Parking zu Mäertert wat bekanntlech eng vun der viregter Majoritéit ugekënnegt provisoresch Léisung ass.

Tourismus

Et gëtt vu vill Potenzial am Tourismus geschwat, et muss awer en Aarbechtsgrupp op d'Bee gestallt gi fir e Konzept auszeschaffen. Hoffentlech passt dat Konzept dann och an de Budget.

Informatiounspolitik

Och wann is Gemeen de Service SMS2citizen agefouert huet, esou ass net nëmmen dee Service an d'Homepage vun der Gemeen nach ganz staark ze verbessere grad esou wéi d'Zesummenaarbecht mat de Kommissiounen. Well wat seet zum Beispill eng SMS, wou drasteet datt d'Esplanade erëm fräi ass fir de Verkéier wa virdrun net matgedeelt ginn ass datt se gespaart war ? ; firwat kann een net alles wat an de Reider kënnt och op der Internetsäit vun der Gemeen liesen ? ; firwat gëtt d'Sportskommissioun net mat agebonne wa Sportler aus der Gemeen op der « Journée des mérites » solle geéiert ginn a schlussendlech firwat gëtt et keen elektronischen Zougank fir d'Gemeeneconseillere dee se brauche fir sech an aller Transparenz op eng Gemeenerotssëtzung preparéieren ze kënnen.

DP-Fraktioun vermësst ganz villes an der Schäfteerklärung wat grouss ugekënnegt ginn ass am sozialistesche Wahlprogramm. Mir wäerten se awer déi ganz Legislatur iwwer op dat préiwe wat se ugekënnegt hunn !

An der Gemeenerotssëtzung vum 15. Dezember waren awer och nach aner Punkten um Ordre du jour. Esou huet DP-Fraktioun géint d'Notairesakte gestëmmt déi de sougenannten Tosch mat der Firma « Ownest » betreffe vun de fréieren Terraine vun de Garage Kremer a Constantin wou den techneschen Déngscht vun der Gemeen soll hikommen, mat verschiddeenen Immobilien an der Rue St Martin wéi d'Hal vum techneschen Déngscht, de Parking an den ale Musekssall, déi fréier Jongeschoul mat de fréieren Haiser Beneké, Tintinger a Mathieu-Thiel. Net nëmmen datt hei d'Gemeen déi beschte Filetsstécker hiergëtt fir de Projet « Nei Mëtt » zu engem, an isen Aen, ze niddrege Präis am Verhältnis zu deem wat d'Gemeen kritt. Desweideren huet déi fréier DP-Fraktioun ëmmer kritesch Froe gestallt zum Projet « Nei Mëtt » an si huet Äntwerte kritt, déi se net konnten derzou verleeden dem Projet zoustëmme, wat se dann och bei der Konventioun vum PAP « Nei Mëtt » erëm gewisen huet mat hirer Enthaltung.

Och wann d'Diskussioun iwwer d'Konventioun 2018 mam « Office social commun » huet misse verluecht ginn, esou war awer vill diskutéiert gi bei verschiddeenen anere Punkten déi um Ordre du jour vun der Gemeenerotssëtzung vum 25. Januar stoungen. Beim PAP rue de Manternach zu Mäertert huet DP-Fraktioun sech enthale well hei d'Gemeen hiren Terrain verkeeft fir Haiser « à coût modéré » op den Immobiliemaart ze bréngen amplaz d'Geleeënheet ze notzen an hei och emol eng Kéier selwer Sozialwunnechten ze bauen. Demokratesch Partei déi di eenzeg Partei am Gemeenerot ass déi dat Wuert « sozial » net an hirem Numm dréit, schéngt déi eenzeg Fraktioun ze sinn déi sech fir de soziale Wunnensbau an iser Gemeen staark mécht.

Den 1. Mäerz war net nëmme Gemeenerot ugesot, ma och eng Aarbechtssëtzung iwwer eng interkommunal Schwämm mat der Gemeen Rouspert-Mompech.

Nodeems d'lescht Joer de Centre culturel zu Waasserbëlleg an d'Rei gesat ginn ass, ginn elo verschidden Transformatiounen (Bühn, Geliichts, Plafong, Buedem, Sonorisatioun, asw.) am Centre culturel zu Mäertert gemaach fir 180.000€. DP-Fraktioun huet proposéiert och d'Sanitäreanlagen an enger nächster Phase enger Erneuerung ze ënnerzéien.

Fitness-Parcours

An Zesummenaarbecht mat der Familljekommissioun si Sportsgeräter erausgesicht gi fir e Fitness-Parcours am Park Mäertert ze installéiere fir opgerënnt 80.000€. DP-Fraktioun huet d'Fro gestallt firwat net och mat der Sportskommissioun doriwwer diskutéiert ginn ass ? De President vun der Sportskommissioun huet gemengt dat géif zäitno nogeholl ginn.

Buvette an der Sportshal

DP-Fraktioun konnt guer net d'accord si mam Devis vun 126.307,61 € fir eng Buvette an der Sportshal zu Waasserbëlleg. Eng Buvette, déi baussen un d'Hal gehaange gëtt a wou den Zougank iwwer déi iewescht Rei vun den Tribüne gemaach gëtt, stellt net nëmmen de Problem fir d'Gedrénks erop transportéiert ze kréie well kee Lift kann installéiert ginn ; Nee, si ass och nach kleng an net ongeféierlech do wou se dann enges Daags soll stoen. Desweideren ass déi Installatioun net nohalteg, denkt d'LSAP-Majoritéit dach awer drun fir eng nei Sportshal ze bauen. Wann dat sollt anrieden, da versti mer och datt mat den Duschen, Vestiaren an Toiletten, déi méi néideg gewiescht wäer fir an d'Rei ze setzen, elo näischt méi ënnerholl gëtt. Méi wéi 5 Milliounen aler Frang fir kuerzzäiteg eng Buvette z'installéieren ? net mat der DP ?

Schoulschwämm

Et dierft an der Tëschenzäit bekannt sinn datt is Gemeen zesumme mat der Gemeen Rouspert-Mompich eng Schoulschwämm baue wëllt. D'Etude fir d'Realisatioun ass gemaach mam Resultat datt esou eng Schwämm op Bur bei d'Schoul kann opgeriicht ginn. D'Fro huet sech fir ise Schäfferot net gestallt fir eng Schwämm an iser Gemeen opzeriichte well fir si net deen néidegen Terrain disponibel wär. Dat wonnert is net wann een iwwerstierzt an ouni Gesamtkonzept eng elo schonn ze kleng konzipéiert Schoul baue muss.

Gëff Member an der DP

Dir sidd interesséiert un der liberaler Politik a wëllt bei is Member ginn ?

Da schreift Eech an op iser Internetsäit : mertert.dp.lu

« Déi aner Kloock »

Editeur : DP Mäertert-Waasserbëlleg

mertert@dp.lu